



Luxembourg, le 15/02/2021

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet: Question parlementaire n°3538

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°3538 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Le Ministre de l'Énergie,

Claude Turmes

**Äntwert vum Minister fir Energie op d'parlamentaresch Fro n°3538 vum 29. Januar 2021
vum honorabelen Deputéierten Här Max Hahn iwwert Photovoltaik-Anlagen op Parking- a
Waasserflächen**

- *Wéi gedenkt den Här Minister d'Potenzial vun de Parkflächen ze mobiliséieren ?*
- *Ginn et scho Pläng fir nei Subside fir d'Geschäfte z'incitieren fir a) hir Parkflächen z'iwwerdecken a b) Photovoltaikanlagen drop z'installéieren ?*
- *Wa jo wéi géifen déi ausgesinn ? Fir wéini kéinten se agefouert ginn ?*
- *Ass virgesinn, änlech dem Solarkataster fir Diecher, och e Plang mam energieetesche Potenzial vu Parkflächen z'erstelle fir rauszefannen, wou et am sënnvollsten ass, Carport-PV-Anlagen opzerrichten ?*
- *Kann den Här Minister weider Informatiounen ginn zum PV-Projet op de Killweieren zu Raemerech ? Fir wéini kann dermat gerechent ginn, dass déi Anlag a Betrib geholl ka ginn ?*
- *Ginn et nach weider Projete vu PV-Anlagen, déi op Waasserfläche sollen installéiert ginn ? »*

Mir hunn e grouss Potenzial vu Parking-Flächen hei am Land, dee mir fir d'Solarenergie sollten notzen.

Fir d'Potenzial vu Parking-Fläche fir Photovoltaik-Anlagen ze mobiliséieren ass decidéiert ginn, fir d'éischt grouss Anlagen ze visieren – „Ombrières“, wéi een se beispillsweis aus Frankräich kennt, well einfach grouss Anlage méi käschtegëschteg kënne realiséiert ginn.

An der leschter Ausschreiwung fir grouss PV-Anlage sinn zwee Louse speziell fir Ombriären, Carporten an och Waasserbasengen agefouert ginn. An der Kategorie 200-500 kW gouf et ee Projet vun 286 kW, deen och den Zouschlag krut; iwwer 500 kW gouf et zwee Projeten (1.320 a 690 kW), déi och allebéid den Zouschlag kruten. Aktuell leeft nees eng Ausschreiwung, wou dann ze kucken ass ob no der "Première" d'Méiglechkeet, weider Carporten ze bauen, vum Marché an den Acteuren ugeholl gëtt.

Et sief och nach drop higewisen, datt bei de garantéierten Aspeisetariffer d'Méiglechkeet vun de Carporte schonn explizitt virgesinn ass.

Wat de Solarkataster ugeet, sou ass dësen am Moment just op Gebaier ausgeriicht. Am Hannergrond gëtt awer scho gekuckt, wéi eng weider Notzungen opgrond vun den Donnéeën, déi zur Verfügung stinn, technesch méiglech sinn.

Wat kënnschlech ugeluechte Waasserbasengen ugeet, sou gëtt et do kee grouss Potenzial zu Lëtzebuerg, allerdéngs kann een op esou Basenge gegebenenfalls "schwammend PV-Moduler" installéieren, do muss allerdéngs och den Impakt op d'Waasserfauna a -Flora gekuckt ginn. Des Kategorie gouf an déi lescht Ausschreiwung mat opgeholl.

Wéi scho geschriwwen, leeft aktuell nees eng Ausschreiwung. Ob also weider Projeten op Waasserfläche kommen, kann een also zu dësem Zäitpunkt nach net soen. Et ass un de Propriétaire vum deene Fläche selwer oder zesumme mat Projetsentwéckler ze kucken ob déi Flächen dofir nutzbar sinn.